piraten.lu

PIRATEN

Claude Wiseler
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11te Juli 2025

## Punkt fir op den Ordre du Jour vun der Kommissioun fir Verdeedegung

Här President,

Ech bieden drëms, dëse Bréif un de President vun der Kommissioun fir Verdeedegung weiderzeleeden, fir ee Punkt op den Ordre du Jour vun der nächster Kommissiounssitzung ze setzen.

A menger Ried an der Chamber vum 9te Juli 2025 hat ech meng laangjäreg Fuerderung widderholl, dass déi fräiwëlleg Zaldoten an eiser Arméi net genuch Loun fir hiren Asaz kréien. Dës Ausso gouf haut an engem RTL-Interview vum Generol nach eng Kéier bestätegt:

*"De Chef d'état major huet awer drun appelléiert, dass d'Paien an der Arméi fir déi Fräiwëlleg misste gehéicht ginn. Den onqualifizéierte Mindestloun léich bei ronn 2.700 Euro, en Zaldot kritt just 2.200 Euro. Do misst "direkt eng Schëpp nogeluecht" ginn. Och dat géif hëllefen, datt sech méi Leit fir de Beruff interesséieren."*

Ech géif d'Verdeedegungsministesch an d'Kommissioun invitéieren, fir der Kommissioun d'Pläng fir eng Lounerhéijung bei der Arméi virzeleeën an ze chiffréieren.

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés